LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 7234 vum 24. November 2022 vum Här Deputéierte Sven Clement**

D'Versuergung vum Fluchhafe mat Kerosin gëtt aktuell duerch d'NATO Pipeline ofgedeckt, déi zum Central European Pipeline System (CEPS) gehéiert a via Bitburg op de Findel féiert. Et ass geplangt an noer Zukunft en neie Pëtrolsdepot (Fuel-Farm) um Findel ze bauen. Dës nei Fuel-Farm wäert d'Späicherkapazitéit bedeitend erhéijen an de Fluchhafe méi resilient maachen am Fall vun engem temporären Ausfall vun der Pipeline. D'Regierung ass der Meenung, dass déi nei Fuel-Farm, kombinéiert mat engem Sécherheetsplang, d'Versuergung vum Findel mat Kerosin ka garantéieren.

D'Dauer vun de Kerosinreserven um Findel hänke vum Fëllstand vun den Tanken an och dem Verbrauch of, dëse kann ënner Ëmstänn staark variéieren.

Et goufe bis dato keng Gespréicher mat de franséischen Autoritéiten iwwert eng Reaktivatioun vum Fréiseng-Mutfert Tronçon gefouert. Dës Partie vun der Pipeline ass Deel vum selwechte Reseau (CEPS) an zënter 1999 net méi aktiv. Well et sech hei em de selwechte Reseau vu Pipelinen handelt, géing eng Reaktivatioun d'Resilienz och nëmme minimal verbesseren.

Wann d'NATO Pipeline temporär ausfale géif, ass virgesinn, an enger enker Concertatioun mat eisen NATO Partner, d'Ufuerderungen iwwer Strooss, Schinnen oder Waasser ze erfëllen.

Wa vu "Ground Fuels" Rieds ass (Diesel oder Bensinn), dann ass dës Pipeline och haut schonn zertifiéiert fir dëst ze transportéieren. D'Kapazitéit vun der Pipeline ass awer net héich genuch fir zousätzlech zum Kerosin och nach Ground Fuels op de Findel ze transportéieren. Et wäert an noer Zukunft awer och "Sustainable Aviation Fuel" (SAF) kënnen duerch d'Pipeline transportéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch